

DE BUET

RÉCKBLÉCK
JULI-DEZEMBER
2024

GEMENG

KÄERCH



TELEFONSBUCH VUN DER GEMENG

Administration communale de Koerich

2, rue du Château L-8385 Koerich

☎ 288 355 200 / info@koerich.lu / www.koerich.lu

COLLÈGE ÉCHEVINAL

college-echevinal@koerich.lu

WIRTH Daniel, Bourgmestre
☎ 288 355 224 / 621 242 580

WELU Norbert, Échevin
☎ 621 276 333

ANDRICH Mary-Jo, Échevine
☎ 621 191 212

SECRÉTARIAT COMMUNAL

secretariat@koerich.lu

LECOQ Patrick
Secrétaire communal
☎ 288 355 231
patrick.lecoq@koerich.lu

EPSTEIN Tim
☎ 288 355 223
tim.epstein@koerich.lu

RESSOURCES HUMAINES

AUMASSON Fabienne
☎ 288 355 236
fabienne.aumasson@koerich.lu

RECETTE COMMUNALE

recette@koerich.lu

SCHLUNGS Anne-Marie
Receveur communal
☎ 288 355 222
anne-marie.schlungs@koerich.lu

TREINEN Alfred
☎ 288 355 235
alfred.treinen@koerich.lu

BUREAU DE LA POPULATION ETAT CIVIL, SERVICE SCOLAIRE

population@koerich.lu

CLOOS Monique
☎ 288 355 227
monique.cloos@koerich.lu

MAAR Mireille
☎ 288 355 228
mireille.maar@koerich.lu

ACCUEIL

TANG Céline
☎ 288 355 243
celine.tang@koerich.lu

MANGEN Pascale
☎ 288 355 229
pascale.mangen@koerich.lu

RELATIONS PUBLIQUES

communication@koerich.lu

TARANTINI Cindy
☎ 288 355 221
cindy.tarantini@koerich.lu

FREYMANN Chris
☎ 288 355 237
chris.frey mann@koerich.lu

SERVICE TECHNIQUE

technique@koerich.lu

RODESCH Steve
Chef service
☎ 288 355 220
steve.rodesch@koerich.lu

REBELO Sergio
☎ 288 355 230
sergio.rebelo@koerich.lu

ATELIER TECHNIQUE

atelier@koerich.lu
Rue de la Montagne, Koerich

LEICHTENBERG Jerry
Chef d'équipe
☎ 691 399 202

SERVICE DE MÉDIATION

☎ 621 426 905
mediation@koerich.lu

MAISON DES JEUNES

☎ 26 108 309
7, Rue de l'École L-8358 Goeblange

GARDE - FORESTIER

LOUIS Ben
☎ 247 56 540 / 621 202 140
ben.louis@anf.etat.lu

ECOLE CENTRALE

SCHETTINI Damiano
Concierge
☎ 288 355 300
damiano.schettini@koerich.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

MAISON RELAIS

RECHT Philippe
Responsable
philippe.recht@croix-rouge.lu
☎ 288 355 348
relais.koerich@croix-rouge.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

AGENTS MUNICIPAUX

ordrepubluc@koerich.lu

Heures d'ouverture de l'administration

Lundi, mardi, jeudi et vendredi
de 8h30 à 12h00
et de 13h00 à 16h00

Mercredi
de 8h30 à 12h00
et de 13h00 à 19h00

*Nous vous invitons à prendre
rendez-vous en contactant
directement le service concerné.*

Interventions d'urgence

en dehors des heures d'ouverture

SERVICE DE RÉGIE:

☎ 691 399 202

Comptes bancaires:

CCPL: LU71 1111 0077 1350 0000

BCEE: LU33 0019 2601 0319 3000

CCRA: LU02 0090 0000 0203 1631

BILL: LU43 0026 1021 5620 0000

BGLL: LU18 0030 4447 5746 0000

LU

DE BUERGERMEESCHTER HUET EN OUER FIR IECH!

**all 2. Samschdeg moies
vun 9.30 bis 11.30 Auer**
ausser während de Schoulvakazen

11. Januar 2025
25. Januar 2025
08. Februar 2025
01. Mäerz 2025
15. Mäerz 2025

D'Sitzunge vum Schäfferot sinn ëmmer
Méindes ab 08:30 Auer.

citoyen@koerich.lu

FR

LE BOURGMESTRE À VOTRE ÉCOUTE!

**un samedi matin sur deux
de 9h30 à 11h30**
sauf pendant les vacances scolaires

11 janvier 2025
25 janvier 2025
08 février 2025
01 mars 2025
15 mars 2025

Les séances du collège échevinal
ont lieu tous les lundis à 8h30.

citoyen@koerich.lu

EN

THE MAYOR AT YOUR SERVICE!

**every other Saturday morning
from 9:30 a.m. to 11:30 a.m.**
except during school holidays

January 11, 2025
January 25, 2025
February 08, 2025
March 1, 2025
March 15, 2025

The sessions of the college of aldermen
take place every Monday at 8:30 a.m.

citoyen@koerich.lu

SOMMAIRE

EDITO	2
TÉLÉVIE	4
LAFEND PROJETEN	6
AVIS FREEDFEIER	14
DENG STËMM ZIELT	16
KÄERCHER VERÄINER	18
KÄERCHER NUETSKAVALKAD	29
KÄERCHER GRÉIWESCHLASS	30
RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN	44
JUGENDHAUS	64

 EDITO

LÉIF MATBIERGERINNEN, A MATBIERGER

 LU

D'Joer 2024 geet ob een Enn an 2025 steet virun der Dier. Vill Projete sinn ugaange wéi z.b. den Ëmbau vun der aler Post an Touristegiten, souwéi den Ëmbau vun der aler Gemeng. Déi béid Chantiere ginn 2025 ofgeschloss. Da schaffe mir weider un enger neier Gemengeplaz, um Neibau vun der Maison Relais, u Verkéiersberouegung ob all de Kräizungen an eise 4 Dierfer, un der Planung vun engem neie Festsall, un der Verbesserung vun eisen aktuelle Gemengesäll zu Käerch, Giewel a Gëtzen, un der Ëmsetzung vun engem gefrote Bikepark an enger neier Spillplaz.

All des Projete sinn net vun enger klenger Envergure a kaschte vill Geld an och Zäit, fir dem Bierger herno ee flotte Projet kënze ze präsentéieren an hier Meenung heizou ze froen.

Eng flott Dynamik, déi sécher verbesserungsfäeg an ausbaufäeg ass, huet sech opgebaut an ech sinn iwwerzeegt, datt mir, de Gemengerot, de Schäfferot an all d'Gemengepersonal, eis weider wäerten asetze fir eis flott Gemeng Käerch, matt all hire Bierger aus den Dierfer Giewel, Gëtzen, Wandhaff a Käerch, sou liewenswäert an angeneem ze gestalte wéi méiglech.

Ech muss awer och ee grouse Merci soen un d' Veräiner a Kommissiounen, déi matschaffen an ee ganz groussen Undeel hunn, datt Käerch rëm mei Liewen agehaucht krut. Leider ass de Benevolat ee grouse Problem an ob villen Platze feelt den Nowuess. De Schäfferot ass un eis Nopeschgemenge rugetrueden a probéiert zesummen ee Coordinateur sportif z'engagéieren. Des Persoun soll d'Bréck téschent der Gemeng, de Veräiner, de Ministère an de Leit aus dem Duerf sinn.

Käerch ass fir 2025 ee vun den Téléviezenteren an de groussen Téléviedag ass Samschdes, de 26.4.2025 um Site vun der Schoul. Ech sinn iwwerzeegt, datt ech do ob Iech all ziele ka fir datt dëst Evenement flott gemeeschtert gëtt a mir vill Geld kenne sammele fir d'Kriibsfuerschung.

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wënschen ech Iech all schéi Feierdeeg, ee gudde Rutsch an dat néit Joer 2025 an eng gutt Gesondheet.

DANIEL WIRTH
Buergermeeschter

CHERS CONCITOYENNES ET CONCITOYENS

 FR

L'année 2024 touche à sa fin, et 2025 s'annonce avec de nombreux projets en perspective. Parmi les initiatives en cours, citons la transformation de l'ancienne poste en gîtes touristiques et la rénovation de l'ancienne mairie, deux chantiers qui s'achèveront en 2025. D'autres projets suivront : la création d'une nouvelle place communale, la construction d'une nouvelle Maison Relais, la mise en place de zones apaisées à tous les carrefours de nos quatre villages, la planification d'une nouvelle salle polyvalente, ainsi que l'amélioration des salles communales existantes à Koerich, Goetzingen et Goeblange, la mise en oeuvre d'un « Bikepark » et d'une nouvelle aire de jeux.

Ces projets, ambitieux et coûteux, nécessitent du temps et des efforts afin d'offrir aux citoyens des réalisations de qualité et de recueillir leurs avis en cours de route. Une dynamique positive s'est installée, et bien qu'elle puisse encore être renforcée, je suis convaincu que le conseil communal, le collège échevinal et tout le personnel communal continueront à s'engager pour faire de notre belle commune de Koerich, avec ses villages de Goetzingen, Goeblange, Windhof et Koerich, un lieu où il fait bon vivre.

Je tiens également à remercier chaleureusement les associations et commissions pour leur engagement. Leur implication contribue grandement à insuffler une nouvelle vitalité à notre commune. Cependant, le bénévolat demeure un défi, avec un manque de relève dans de nombreux domaines. À ce sujet, le collège échevinal a approché les communes voisines pour recruter ensemble un coordinateur sportif, qui servira de lien entre la commune, les associations, les ministères et les habitants.

Enfin, en 2025, Koerich sera l'un des centres Télévie. La grande journée Télévie aura lieu le samedi 26 avril 2025 sur le site scolaire. Je compte sur vous tous pour faire de cet événement une réussite et collecter des fonds importants pour la recherche contre le cancer.

Au nom du collège échevinal et du conseil communal, je vous souhaite d'excellentes fêtes de fin d'année, une bonne santé et une merveilleuse année 2025.

DANIEL WIRTH
Bourgmestre

 EDITO

DEAR FELLOW CITIZENS

EN

As 2024 draws to a close, we welcome 2025 with great anticipation and exciting projects on the horizon. Among the initiatives currently underway are the transformation of the old post office into tourist lodgings and the renovation of the old town hall, both of which are set to be completed in 2025. Looking ahead, we will continue with plans for a new town square, the construction of a new Maison Relais, traffic calming measures at all intersections across our four villages, the planning of a new multipurpose hall, and improvements to the existing community halls in Koerich, Goetzingen, and Windhof, the implementation of a much requested “Bikepark” and a new playground.

These ambitious projects, requiring significant financial and time investments, are designed to deliver high-quality results for our citizens. We look forward to presenting these projects and gathering your feedback along the way. A strong and promising dynamic has been established, and while there is always room for improvement, I am confident that the Municipal Council, the Board of Aldermen, and all municipal staff will continue to work tirelessly to make our beautiful commune of Koerich—and its villages of Goetzingen, Goeblange, Windhof, and Koerich—as welcoming and enjoyable as possible.

I would like to express my heartfelt gratitude to our associations and committees for their invaluable contributions. Their efforts have played a key role in revitalizing our community. That said, the lack of volunteers remains a pressing issue, with many areas struggling to find new recruits. To address this, the Board of Aldermen has reached out to neighboring communes to jointly recruit a sports coordinator. This individual will act as a bridge between the municipality, local associations, ministries, and residents.

In 2025, Koerich will also be one of the Télévie centers. The main Télévie event will take place on Saturday, April 26, 2025, at the school site. I am confident that I can count on all of you to help make this event a success and to raise substantial funds for cancer research.

On behalf of the Board of Aldermen and the Municipal Council, I wish you all a joyful holiday season, a wonderful start to the new year, and good health throughout 2025.

DANIEL WIRTH
Mayor



CENTRE DE PROMESSES

télévie

GEMENG 
KÄERCH

26. ABRËLL
2025



Wéi kënnt Dir matmaachen ?

Bleift informéiert iwwer d'Evenementer, déi mir fir den Télévie 2025 organiséieren. Ob Dir spende wëllt, mat Hëllef wëllt oder einfach um Programm deelhuele wëllt, all Geste zielt!

Hëlleft eis dobäi, ze hëllefen!

**Scannt de QR-Code oder maacht en Don
iwwer Virement: LU10 0019 7255 1110 8000**



TÉLÉVIE KÄERCH

PERIOD Juli - Dezember

06.11

VERSAMMLUNG MAT DE VERÄINER

LU

D'Gemeng Käerch huet am Kader vum Télévie eng Versammlung organiséiert, an där de Projet de Veräiner an de Kommissiounen aus der Gemeng presentéiert gouf. Zousätzlech waren och eenzel Persounen aus dem Organisatiounsteam vum Télévie present, fir d'Zenter an seng Aktivitéiten z'erklären. D'Zil vun der Versammlung war et, de Veräiner an de Kommissiounen méi Informatiounen iwwer d'Zesummenaarbecht an d'Erwaardunge fir den Zenter ze ginn.

FR

La commune de Koerich a organisé une réunion dans le cadre du Télévie où le projet a été présenté aux associations et commissions de la commune. Des membres de l'équipe du Télévie étaient également présents pour expliquer le centre et ses activités. L'objectif de la réunion était de fournir plus d'informations sur la collaboration et les attentes pour l'avenir du centre aux associations et commissions.

EN

The municipality of Koerich organized a meeting as part of the Télévie, where the project was presented to the associations and commissions of the municipality. Members of the Télévie organizing team were also present to explain the centre and its activities. The goal of the meeting was to provide more information on the collaboration and expectations for the future of the centre to the associations and commissions.



Service relations publiques



Service relations publiques



Gemengenhais

LAFEND PROJETEN

PERIOD Juli-Dezember

AARBECHTEN AM DER ALER POST ZU KÄERCH

LU

Am ale Postgebai gi momentan d'Fënsteren an d'Dieren installéiert, wat den Ofschloss vun de Réibauaarbechten markéiert. D'Installatioun vun den techneschen HVAC- an elektresche Systemer ass am Gaang. Zousätzlech huet rezent d'Leen vun de Plättercher ugefaangen, wat eis der Finaliséierung méi no bréngt.

FR


À l'ancienne poste, les fenêtres et portes extérieures sont actuellement en cours d'installation, marquant l'achèvement des travaux de gros-œuvre. Les installations techniques pour le HVAC et l'électricité progressent également. Récemment, la pose des carreaux a débuté, nous rapprochant ainsi de la finalisation.


EN


At the old post office, the installation of windows and doors is underway, signaling the end of structural work. The HVAC and electrical systems are also being set up. Additionally, plasterwork has recently begun, moving us closer to the final stages.



 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch



LAFEND PROJETEN

PERIOD Juli - Dezember

AARBECHTEN AM ALEN GEMENGENHAUS

LU

Um rez-de-chaussée an um Éischte Stack vum ale Gemengenhaus si mir am Moment an der Phase vun den Ofschlossaarbechten. D'Usträichaarbechte ginn ofgeschloss an d'technesch Installatioune ginn ageriicht an operationell gemaach. Rezent huet d'Verleeë vum Buedembelag ugefaangen, wat eis dem Ofschloss e Schratt méi no bréngt.

FR

Au rez-de-chaussée et au premier étage de l'ancienne mairie, les travaux de finition avancent bien. La peinture touche à sa fin, et les installations techniques sont en cours de mise en service. Récemment, la pose des revêtements de sol a commencé, nous rapprochant de l'achèvement final.

EN

Finishing work is progressing well on the ground and first floors of the old town hall. Painting is nearly complete, and the technical systems are being installed and prepared for use. Recently, the flooring installation began, bringing us closer to the project's final stage.



Service relations publiques



Service relations publiques



Gemengenhais

LAFEND PROJETEN

PERIOD Juli - Dezember

KÄERCHER GRÉIWESCHLASS

LU

Wat geschitt am Käercher Gréiweschlass?

Säit e puer Wochen ass de Kapellentuerm vum Käercher Gréiweschlass hannert enger riseger Stee verstoppt. Den «Institut National pour le Patrimoine Architectural» (INPA) huet Aarbechte gestart, fir d'Maueren vum Kapellentuerm ze stabiliséieren. Dobäi hu mir d'Geleeënheet genotzt, fir eemoleg Fotoen ze maachen, déi soss net sou einfach ze kréie sinn.

FR

Qu'est-ce qui se passe au «Käercher Gréiweschlass»?


Depuis quelques semaines, la tour de la chapelle du Käercher Gréiweschlass est cachée derrière un énorme échafaudage. L'Institut National pour le Patrimoine Architectural (INPA) a commencé les travaux de stabilisation des murs de la tour de la chapelle. Nous avons profité de l'occasion pour prendre des photos uniques qui, autrement, ne sont pas si faciles à obtenir.

EN

What happens in the «Käercher Gréiweschlass»?

Since a few weeks, the chapel tower of the Käercher Gréiweschlass is hidden behind a huge scaffolding. The «Institut National pour le Patrimoine Architectural» (INPA) started works to stabilize the walls of the chapel tower. We took the opportunity to take unique photos that are otherwise not so easy to get.



 Käercher Schlassfrënn

 Käercher Schlassfrënn

 Käercher Gréiweschlass





LAFEND PROJETEN

PERIOD Juli-Dezember

MONTÉE ST HUBERT

LU

D’Gemeng Käerch huet mat den Aarbechten an der Montée St. Hubert ugefaang. Duerch d’Verleegung vun neie Leitunge fir Reewaasser, Ofwaasser, Drénkwaasser a Gas, wéi och d’Erneierung vun der Telekommunikatioun an d’Installatioun vun der ëffentlecher Beliichtung, gëtt d’Strooss méi moderniséiert. De Projet, deen am Oktober 2024 ugefaangen huet, dauert ongeféier 220 Aarbechtsdeeg.

FR

La commune de Koerich a entamé les travaux dans la Montée St. Hubert. Ce projet comprend la pose de nouvelles canalisations pour les eaux pluviales, les eaux usées, l’eau potable et le gaz, ainsi que la rénovation des télécommunications et l’installation de l’éclairage public, rendant la rue plus modernisée. Les travaux, commencés en octobre 2024, devraient durer environ 220 jours ouvrables.

EN

The municipality of Koerich has started work on Montée St. Hubert. This project includes the installation of new pipelines for rainwater, wastewater, drinking water, and gas, as well as the renovation of telecommunications and the installation of public lighting, making the street more modernized. The project, which began in October 2024, is expected to last around 220 working days.



📷 Service relations publiques

✍️ Service relations publiques

📍 Käerch



ANF

PERIOD Juli - Dezember

ERNEIERUNG VUM WEE BEIM FITNESSPARK

LU


Mir si frou matzedeelen, dass de Chantier um Wee beim Käercher Fitnesspark ofgeschloss ass! Dëst bedeit, dass den Zougang elo erëm fräi ass an Dir de Wee an engem neie Glanz entdecken kënn.


FR


Nous sommes heureux d'annoncer que les travaux sur le chemin près du « Käercher Fitnesspark » sont terminés ! Vous pouvez maintenant à nouveau en profiter et découvrir le résultat de ces améliorations.

EN

We are pleased to announce that the work on the path near our «Käercher Fitnesspark» is now complete, allowing you to enjoy it with ease once again.

 ANF L'Administration de la nature et des forêts

 Service relations publiques

 Käerch

NEI AN DER GEMENG

PERIOD Juli - Dezember

EIFELER FRISCHDIENST

LU

Seit dem 12. September 2024, kënnt den Eifeler Frischdienst all Donneschden um 10 Auer bei eis op de Parking vun der Gemeng a bleibt ongeféier eng Stonn, fir eis mat frësch ena regionale Liewensmëttel ze versuergeren.

Dir fannt eng Vilfalt vu regionale Spezialitéiten:

Frësch Bakwueren, Fleesch a Wurschten, Eifeler Kéis direkt vum Bauerenhaff, Eifeler Ham, Frësch Eeër...an nach villes méi...Komm laanscht a genéisst regional Iesswueren!

FR

Depuis le 12 septembre 2024, le Eifeler Frischdienst sera présent tous les jeudis à 10h00 sur le parking de la commune et y restera environ une heure pour nous approvisionner en produits frais et régionaux.

Vous y trouverez une variété de spécialités régionales :

Pains frais , viandes et saucisses, fromages d'Eifel directement de la ferme, jambon d'Eifel, œufs frais...et bien plus encore...

Passez et profitez des produits alimentaires régionaux!

EN


Since September 12, 2024, the Eifeler Frischdienst will visit us every Thursday at 10 AM in the parking lot of the municipality and stay for about an hour to supply us with fresh and regional food products.


You will find a variety of regional specialties:

Freshly baked goods, meat and sausages Eifel cheese directly from the farm, Eifel ham, fresh eggs...and much more...

Stop by and enjoy regional delicacies!



 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Gemengeplaz



SERVICE RÉGIE

PERIOD Juli-Dezember

Verfeinerung vun der Gemengeplaz
D'Gemeng krut ee Spullwon
Neit Logo op d'Gefierer vun der Gemeng



***D'Ofschéissen ass vun
23:50 bis 00:20 Auer
toleréiert***

***Le tir est toléré
de 23h50 à 00h20***

***Fireworks
are permitted from
11:50 p.m. to 12:20 a.m.***

AVIS

INFORMATIOUNEN IWWERT D'FREEDEFEIER

LU

Viru den Feierdeeg rífft de Schäfferot d'Bierger dozou op, d'Freedefeier fir Silvester mat Verantwortung ofzeschéissen. **D'Ofschéissen ass vun 23:50 bis 00:20 Auer toleréiert**, mee aus Sécherheetsgrënn nëmmen op fräie Plazen a wäit ewech vun Gebaier. Jidderee ass perséinlech fir Schied verantwortlech. (z.B. um Daach vum Schlass Kärch).

Aus Respekt virun den Noperen, Hausdéieren an der Natur biede mir Iech, d'Quantitéit an d'Dauer vum Freedefeier anzeschränken. Mat géigesäitegem Respekt kënnen mir alleguer e rouege an agreabele Silvester feieren.

FR

À l'approche des fêtes de fin d'année, le collège des bourgmestre et échevins appelle les citoyens à utiliser les feux d'artifice de la Saint-Sylvestre avec responsabilité. **Le tir est toléré de 23h50 à 00h20**, uniquement dans des espaces libres et loin des bâtiments pour des raisons de sécurité. Chacun est personnellement responsable des dégâts éventuels (p. ex. le toit du château de Koerich).

Par respect pour les concitoyens, les animaux domestiques, ainsi que la nature, nous vous invitons à limiter la quantité et la durée des feux d'artifice. En agissant avec respect, nous pourrions tous célébrer une Saint-Sylvestre paisible et joyeuse.

EN

As the holiday season approaches, the College of Mayor and Aldermen urges citizens to use fireworks responsibly on New Year's Eve. **Fireworks are permitted from 11:50 p.m. to 12:20 a.m.**, but only in open spaces and away from buildings for safety reasons. Each person is personally responsible for any damage caused (e.g., to the roof of Koerich Castle).

Out of respect for fellow citizens, pets, and nature, we ask you to limit the quantity and duration of your fireworks display.

With mutual respect, we can all enjoy a peaceful and joyful New Year's celebration.

LATE NIGHT BUS

Sylvester 31.12.24 - 01.01.25

ALLER-HINFAHRT

Steinfort	Um Quai	23:02	00:02	01:02	02:02
Steinfort	Gemeng	23:04	00:04	01:04	02:04
Koerich	Gemeng	23:09	00:09	01:09	02:09
Goebange	Giewel	23:12	00:12	01:12	02:12
Goetzingen	Kierch	23:14	00:14	01:14	02:14
Windhof	Wandhaf	23:17	00:17	01:17	02:17
Capellen	Klouschter	23:19	00:19	01:19	02:19
Capellen	Police	23:20	00:20	01:20	02:20
Capellen	Hireknapp	23:21	00:21	01:21	02:21
Mamer	Mambra	23:24	00:24	01:24	02:24
Mamer	Gaaschtbiereg	23:26	00:26	01:26	02:26
Mamer	Um Tossebiereg	23:27	00:27	01:27	02:27
Hollerich	P+R Bouillon (Quai 1B)	23:34	00:34	01:34	02:34
Hollerich	Kierfecht (Quai1)	23:35	00:35	01:35	02:35
Hollerich	Fonderie (Quai1)	23:38	00:38	01:38	02:38
Luxembourg	Gare Centrale (Quai1)	23:40	00:40	01:40	02:40
Luxembourg	Roosevelt (Quai1)	23:45	00:45	01:45	02:45
Luxembourg	Amélie	23:48	00:48	01:48	02:48
Luxembourg	Badanstalt (Quai1)	23:50	00:50	01:50	02:50
Clausen	Clausener Bréck	23:53	00:53	01:53	02:53
Kirchberg	Luxexpo (Quai1B)	00:00	01:00	02:00	03:00

RETOUR - RÜCKFAHRT

Kirchberg	Luxexpo (Quai1B)	00:05	01:05	02:05	03:05
Clausen	Clausener Bréck	00:12	01:12	02:12	03:12
Luxembourg	Badanstalt (Quai2)	00:15	01:15	02:15	03:15
Luxembourg	Hamilius (Quai2)	00:17	01:17	02:17	03:17
Luxembourg	Roosevelt (Quai2)	00:20	01:20	02:20	03:20
Luxembourg	Gare Centrale (Quai2)	00:25	01:25	02:25	03:25
Hollerich	Fonderie (Quai2)	00:27	01:27	02:27	03:27
Hollerich	Kierfecht	00:29	01:29	02:29	03:29
Hollerich	P+R Bouillon(Quai 2)	00:30	01:30	02:30	03:30
Mamer	Um Tossebiereg	00:37	01:37	02:37	03:37
Mamer	Gaaschtbiereg	00:38	01:38	02:38	03:38
Mamer	Mambra	00:40	01:40	02:40	03:40
Capellen	Hireknapp	00:43	01:43	02:43	03:43
Capellen	Police	00:44	01:44	02:44	03:44
Capellen	Klouschter	00:45	01:45	02:45	03:45
Windhof	Wandhaf	00:47	01:47	02:47	03:47
Goetzingen	Kierch	00:50	01:50	02:50	03:50
Goebange	Giewel	00:52	01:52	02:52	03:52
Koerich	Gemeng	00:55	01:55	02:55	03:55
Steinfort	Gemeng	00:58	01:58	02:58	03:58
Steinfort	Um Quai	01:00	02:00	03:00	04:00

DENG STËMM ZIELT



LU

Mir sinn d'Jugendkommissioun vun der Gemeng Käerch, eng motivéiert Grupp vun néng Memberen, déi sech asetzt fir d'Wuel vun de Jugendleche aus eiser Gemeng. Mat der Zilsetzung, déi jonk Awunner besser ze verstoen an hir Besoinen ze berécksiichtegen, hu mir entscheet, eng Enquête duerchzuféieren. Dëse Sondage war speziell fir Jugendlecher tëschent 12 a 21 Joer an anonym. De Sondage huet vum 15. Juli bis de 15. September gedauert. Jiddwer Haushalt mat Jugendlechen huet ee personaliséierte Bréif kritt, an där e QR-Code war, duerch deen een direkt op d'Websäit konnt goen, fir d'Froen ze beäntweren. Insgesamt ware siwe Froen, déi déi jonk Awunner sollte beäntweren. D'Moyenne vum Alter vun de Jugendlechen, déi geäntwert hunn, louch bei 15 an engem hallwe Joer.

Mir hunn dës Iddi ëmgesat an, mam Accord an der Ënnerstëtzung vun der Gemeng, ongeféier 287 Bréiwer un d'Haushälter verschéckt. Mir soen dem Schäfferot an de Gemengenagente Merci fir hir Hëllef beim Verschécke vun de Bréiwer.

Wat seet d'Enquête aus?

D'Resultater vum Sondage weisen, datt d'Jugend besonnesch déi natierlech Ëmgéigend an déi gréng Landschaft schätzt. Si bewonneren och d'Evenementer, déi organiséiert ginn, wéi d'Concerten am Gréiweschlass, an de staarke Gemeinschaftsgefill, wou «all Mënsch all Mënsch kennt». Zousätzlech ginn d'Infrastrukturen, wéi d'Trëppelweeër an d'Jugendhaus, als positiv ugesinn.

Mir als Jugendkommissioun si frou, dës Erkenntnisser mat Iech ze deelen an doduerch eppes Positives fir d'Zukunft vun eiser Gemeng ze beweegen. Wanns du Froen hues oder eppes wëlls lassginn, kënnst de eis ganz einfach iwwer E-Mail oder op Facebook errechen. Mir sinn ëmmer do a lauschtere gär!

kevin.deoliveira.koerich@gmail.com

Président: Alain Massen Secrétaire: Kevin De Oliveira

Membres: Ann Olmes, Danièle Boullung, Anik Weber, Jessica Fernandez, Ben Lucas, Tanja Theisen, Yves Weyland

Wou gesinn d'Jugendlecher Verbesserungspotential?

Vill Jugendlecher hunn de Wunsch no méi sportlechen Aktivitéiten a bessere Verbindungen am öffentlichen Transport ausgedréckt. Si wënschen sech och méi Fräizäitméiglechkeeten, dorënner Sportsterrainen, e Bikepark an e Kino. Och wann e puer Jugendlecher d'Jugendhaus flott fannen, ass et fir vill anerer net attraktiv genuch oder net genuch bekannt.

D'Interesse fir e Jugendgemengerot

D'Iddi vun engem Jugendgemengerot gouf mat gemëschte Reaktiounen opgeholl. E puer Jugendlecher fannen et eng super Initiativ, fir sech méi an d'Liewen an der Gemeng anzubannen, während anerer manner Interesse weisen oder keng Zäit hunn, fir sech ze engagieren.

Insgesamt gëtt d'Gemeng Käerch vun de Jugendlechen als positiv empfunnt, mat engem besonnesche Wäert op d'Natur an déi gutt Infrastrukturen. Wéi och ëmmer, d'Resultater weisen, datt d'Jugend sech no enger méi grousser Diversitéit u sportlechen a kulturellen Offeren an engem besseren Zougang zu den Infrastrukture steet.



TA VOIX COMPTE

FR

Nous sommes la commission jeunesse de la commune de Koerich, un groupe motivé de neuf membres qui s'engagent pour le bien-être des jeunes de notre commune. Dans le but de mieux comprendre nos jeunes habitants et de prendre en compte leurs besoins, nous avons décidé de réaliser une enquête. Ce sondage, destiné aux jeunes de 12 à 21 ans, était anonyme. Il s'est déroulé du 15 juillet au 15 septembre. Chaque ménage avec des jeunes a reçu une lettre personnalisée contenant un code QR permettant d'accéder directement au site pour répondre aux questions. Au total, sept questions ont été posées aux jeunes. L'âge moyen des participants était de 15 ans et demi.

Nous avons concrétisé cette idée et, avec l'accord et le soutien de la commune, environ 287 lettres ont été envoyées aux ménages. Nous remercions le Collège échevinal et les agents communaux pour leur aide dans l'envoi des lettres.

Que révèle l'enquête ?

Les résultats du sondage montrent que les jeunes apprécient particulièrement l'environnement naturel et le paysage verdoyant. Ils admirent également les événements organisés, tels que les concerts au Château de Koerich, ainsi que le fort esprit communautaire où « tout le monde se connaît ». En outre, les infrastructures, comme les sentiers de randonnée et la maison des jeunes, sont perçues de manière positive.

Où les jeunes voient-ils un potentiel d'amélioration ?

De nombreux jeunes ont exprimé le souhait de bénéficier de davantage d'activités sportives et de meilleures connexions en transports publics. Ils souhaitent également plus de possibilités de loisirs, comme des terrains de sport, un bikepark et un cinéma. Bien que certains trouvent la maison des jeunes agréable, pour beaucoup d'autres, elle n'est pas assez attrayante ou bien connue.

L'intérêt pour un conseil communal des jeunes

L'idée d'un conseil communal des jeunes a reçu des réactions mitigées. Certains jeunes trouvent que c'est une excellente initiative pour s'impliquer davantage dans la vie de la commune, tandis que d'autres montrent moins d'intérêt ou manquent de temps pour s'engager.

Dans l'ensemble, la commune de Koerich est perçue positivement par les jeunes, avec une appréciation particulière pour la nature et les bonnes infrastructures. Cependant, les résultats montrent que la jeunesse aspire à une plus grande diversité d'offres sportives et culturelles ainsi qu'à un meilleur accès aux infrastructures.

En tant que commission de la jeunesse, nous sommes heureux de partager ces idées avec vous et ainsi contribuer positivement à l'avenir de notre commune. Si tu as des questions ou que tu souhaites nous faire part de quelque chose, tu peux facilement nous contacter par e-mail ou sur Facebook. Nous sommes toujours là et prêts à t'écouter avec plaisir !
kevin.deoliveira.koerich@gmail.com

YOUR VOICE COUNTS

EN

We are the Youth Commission of the municipality of Koerich, a motivated group of nine members committed to the well-being of young people in our community. With the goal of better understanding our young residents and considering their needs, we decided to conduct a survey. This survey, designed for young people aged 12 to 21, was anonymous and took place from July 15 to September 15. Each household with young people received a personalized letter containing a QR code that allowed direct access to the website to answer the questions. In total, there were seven questions for the young residents to respond to. The average age of the participants was 15 and a half.

We carried out this idea with the agreement and support of the municipality, sending around 287 letters to households. We thank the municipal council and municipal agents for their help in sending the letters.

What does the survey reveal?

The survey results show that young people especially value the natural environment and green landscapes. They also appreciate the events organized, such as concerts at Koerich Castle, and the strong sense of community where «everyone knows everyone.» Additionally, infrastructures like walking paths and the youth center are viewed positively.

Where do young people see potential for improvement?

Many young people expressed a desire for more sports activities and better connections in public transportation. They also wish for more leisure options, including sports fields, a bike park, and a cinema. While some young people find the youth center enjoyable, for many others, it is not attractive enough or not well-known.

Interest in a youth municipal council

The idea of a youth municipal council received mixed reactions. Some young people find it a great initiative to become more involved in community life, while others show less interest or lack time to engage.

Overall, the municipality of Koerich is perceived positively by young people, with a particular appreciation for nature and good infrastructure. However, the results indicate that young people are looking for a greater variety of sports and cultural offerings and better access to infrastructure.

As the Youth Commission, we are happy to share these insights with you and thereby contribute something positive to the future of our municipality. If you have any questions or would like to share something with us, you can easily reach us via email or on Facebook. We are always here and happy to listen!
kevin.deoliveira.koerich@gmail.com

KÄERCHER VERÄINER

PERIOD Juli - Dezember

19.09

JUGENDENSEMBEL «KÄERCHER MUSEK»

LU

Den 19 September wor et esou weit!

Käercher Musek huet e Jugendensembel. Mat grousser Begeeschterung a Motivatioun hunn 12 musikalesch Mee-dercher a Jongen un der éischter Prouf deel geholl. Mat dem Martine Weinachter als Dirigentin hu mir eng engagéiert, sympathesch a super motiveiert Fra, déi de Kanner mat vill Erfahrung am Jugendberäich, Freed un der Musek vermëttelt. Et as och fir mech eng Freed all Donneschten vun 18.00 bis 19.00 Auer mat hinnen ze prouwen. Wann elo nach een Idee kritt , as en häerzlech Wëllkomm.



 Käercher Musek

 Käercher Musek

 Giewel





KÄERCHER VERÄINER

PERIOD Juli - Dezember


12.10

HÄMMELSMARSCH

LU

Ewei all Joer ass den zweete Weekend vum Oktober Kiermes zu Käerch, Giewel a Wandhaff. Scho Freides owes war Musek bei der Ouverture vun der Kiermes vertrueden. Samstes dann ass et richtig lass gangen. Fir eis ze stärken gouf et um halwer néng Kaffi a Schoki mat Kiermeskuch a Kiermesham, eier mir eis dunn op de Wee gemach hu fir duerch Strossen den traditionellen «Hämmelsmarsch» an « Kiermes am Duerf» ze spillen. Fir Mëttegiessen huet am Proufsall eng gudd Spagetti op eis gewaart déi Edith prepareiert hat. Merci Edith! Gutt gestärkt hu mir Mëttes déi läscht Strosse gemaach.

Villmols Merci jidder engem den eis eppes a Këscht gemach huet. Och e grouse Merci deene wou et ausser Suen och nach eng Kiemedrepp, Beier, Jus a Wasser gouf.

 Käercher Musek

 Käercher Musek

 Käerch / Giewel / Wandhaff



KÄERCHER VERÄINER

PERIOD Juli - Dezember

09.11

ELO GI MIR VEGETARIER «KÄERCHER MUSEK»



LU

Dei zwee Theaterweekender si leider schonn eriwier. Bühn ass schonn erëm ofgericht, Still ewech geraumt an Gleser stinn erëm am Schaaf. Et groussen Merci un Acteuren fir déi immens Leeschtung a natierlech och un Huguette an Maryse déi Regie gemach hunn. Et ass vill gelaacht gin an Publikum huet sech gutt amuséiert. Datumer fir nächst Joer stin och schon fest an zwar den 31.10/2.11/7.11 an 8.11

 Käercher Musek

 Käercher Musek

 Festsall Käerch



KÄERCHER VERÄINER

PERIOD Juli - Dezember



16.07

HOHER BESUCH IM AUSGRIEWERMUSEE IN NOSPELT UND BEI DER RÖMERVILLA IN GOEBLINGEN

DE

Am 16. Juli stattete der Kulturminister, Eric Thill, dem „Ausgriewermusée“ der D'Georges Kayser Altertumsfuerscher (GKA) in Nospelt einen Besuch ab. Er war begleitet von Jo Kox, Präsident des FOCUNA (Fonds Culturel National), Nadine Erpelding, Regierungsrätin im Kulturministerium, Foni Le Brun, Direktor des INRA, sowie Lynn Stoffel, Leiterin der gallorömischen Sektion und Nicolas Meunier, Archäologe des INRA.

Der Minister war begeistert von den vorbildlich geführten Aktivitäten des GKA auf dem Gebiet der nationalen Geschichtsforschung und erfuhr, dass die Erfolge von Pfarrer Georges Kayser zur Gründung der archäologischen Sektion im Nationalmuseum geführt hatten. Besonders erfreut war er, dass besonders viele Klassen der Grund- und Sekundarschulen das Angebot des Vereins, die archäologischen Stätten zu besichtigen, wahrnehmen.

Anschließend begaben sich die Besucher zum gallorömischen Gutshof von Göbblingen-Miecher. Hier gesellten sich Daniel Wirth, Bürgermeister, und Norbert Welu, Schöffen von Koerich, zu den Anwesenden. Unter fachkundiger Leitung wurde die imposante Anlage in Augenschein genommen. Vor Ort konnten sie sich ein Bild machen vom gewaltigen Ausmaß des Gutshofes und von der enormen geleisteten Arbeit der Ehrenamtlichen „Altertumsfuerscher“.

Beim abschließenden Umtrunk wurden noch Zukunftsprojekte angesprochen und der Minister dankte den emsigen Mitgliedern des Vereins für die wertvolle Arbeit im Interesse des nationalen Kulturerbes und versprach seine Unterstützung für zukünftige Projekte.



D'Georges Kayser Altertumsfuerscher

Ausgriewermusee in Nospelt und bei der Römervilla in Goeblingen



KÄERCHER VERÄINER

PERIOD Juli-Dezember

23.09

60 JAHRE AUSGRABUNGEN IN GOEBLINGEN-„MIECHER“ RÖMISCHE LEGIONÄRE UND KAVALLERIE BESETZTEN DEN GALLORÖMISCHEN GUTSHOF

DE


So, oder ähnlich, hätten die Schlagzeilen am 23. September in der Presse lauten können. In der Tat waren Darsteller des Vereins, LEGIO XIII, aus dem Saarland der Einladung der D'Georges Kayser Altertumsfuerscher a.s.b.l. (GKA) gefolgt und hatten ihre Zelte im Miecher aufgeschlagen. Neben den römischen Soldaten hatten Handwerker und Kaufleute ihre Stände aufgebaut.

Anlass zu dieser Veranstaltung war das 60jährige Jubiläum des Grabungsbeginns des gallorömischen Gutshofes im Jahr 1964. Damals hat Pfarrer Georges Kayser aus Nospelt mit einigen Freiwilligen die villa entdeckt und in mühseliger Arbeit zwei Gebäude aus der römischen Zeit freigelegt. Seit seinem Tod führt der Nachfolgeverein (GKA) die Ausgrabungen mit grossem Erfolg weiter. Mittlerweile sind 9 Gebäude vollständig ausgegraben und 5 weitere lokalisiert.

Um dem Publikum die Resultate zu zeigen, hatte der Verein am 22. September zum Tag der Offenen Tür eingeladen und ein abwechslungsreiches Programm angeboten. Dank des herrlichen Spätsommerwetters erschienen die Besucher zahlreich.

1. Legionäre nehmen Aufstellung, eskortiert von der Kavallerie.
2. Am Nachmittag sorgte die „Käercher Musek“ für angenehme Stimmung.
3. Von den letzten Sonnenstrahlen wird noch profitiert.
4. Zur Mittagsstunde wusste die „Luxembourg Pipe Band“ zu begeistern.
5. Die Besucher genießen die gemütliche Atmosphäre im Wald.
6. Im römischen Brotbackofen werden Brötchen gebacken.
7. Die Kräuterfee weiß den Interessierten manches über den Nutzen.
8. Die Feuerwehr aus Goeblingen sorgte für das leibliche Wohl der Gäste.
9. Ein bis auf die Zähnte bewaffneter Legionär bewachte den Eingang von Wildkräutern zu erzählen.
10. Zum Anlass dieses Jubiläums, hat der Verein eine 128seitige Spezialausgabe ihrer Vereinsbrochüre „Den Ausgriewer“ herausgegeben.

  D'Georges Kayser Altertumsfuerscher

 Goeblingen





KÄERCHER VERÄINER

PERIOD Juli - Dezember

13.09

TOURNOI BOULERTEN 2024

10 Equippen hunn um traditionellen Tournoi mat de Käercher Veräiner an der Gemeng deelgeholl. Chorale, Dëschtennis, FC Käerch, Jugendhaus, Keeleclub Giewel 83, Musek a Gemeng mat 3 Equippen.

Et ware flott Mätscher a den 1. Präis ass un de Keeleclub Giewel 83 gaang. 2. Präis Gemeng an den 3. Präis un den FC Käerch.



17.09 - 7.10

TOURNOI SALOU BOULERTEN 2024

Déi 4 Deeg Tournoi hunn eis 5 Equippe Moies 2 Mätscher a Mëttes 2 Mätscher gespillt, et war stresseg awer mir hunn eng ganz flott Erfahrung mat Heem bruecht. Duerno hu mir nach ee bësse Vakanz gemaach an d'Hafestad Tarragona an d'Fëscherduerf Cambrils besicht.





KÄERCHER VERÄINER

PERIOD Juli - Dezember

19.07

AUSFLUCH SCHUMANNSECK



VAKANZ CROISSIÈRE SEINE

Besichtegunge vu Paräis, d'Staat vun der Léift, Konscht a Kultur. Les Andelys, Etretat, Rouen d'Haaptstad vun der Normandie, Le Havre, Vernon a Honfleur.



23.10

OKTOBERFEST

De 64 Memberen huet d'Hax oder de Poulet gutt geschmaacht. Dem Jugendhaus an dem Jens nach eng Kéier villmoos Merci fir hier Ënnerstétzung bei der Spull.





 KÄERCHER VERÄINER

SAVE THE DATE 22.03.2025



 LU

Léif Matbierger a Matbiergerinne vun der Gemeng Käerch,

Mir de Stamminee Ronnen Dësch ASBL an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Käerch freeën eis iech häerzlech op den 1. Fuesweekend zu Käerch anzulueden.

Freet iech op e Weekend voller Faarwen a verkleete Leit an dat um Weekend vum 21. bis zum 23. Mäerz 2025.

Freides Owes geet et am grouse gehëtzen Zelt, op der Gemeengeplaz, lass an dat ganz ab 17 Auer mat engem Afterwork wou DJ's iech op e Patt no der Aarbecht empfänken an drop follgend fënnt dann de Bal bis Mëtternuecht statt.

Duerno kënt dir nach am Café Duerfkessel bis 3 Auer weiderfeieren .

Samsdes den 22. Mäerz 2025 wäert dann déi 1. Nuetskavalkad vu Giewel erof op Käerch stattfannen.

Erfreet iech un engem Ëmzuch voller Faarwen, Luuchten a Musik. Den Depart vum 1. Grupp wäert um 18:20 Auer sinn an dat zu Giewel an der Rue de Goetzingen.

Do virdru wäert et awer nach e Kannerlaf gi wou all Kand häerzlech wëllkomm ass fir matzelafen an dëst um Parcours vun der Kavalkad, organiséiert vun der Käercher Sportskommissioun.

D'Veräiner aus der Gemeng wäerten um Parcours fir Iessen a Gedrénks suergen.

Den Ofschloss ass Sonndes um Kannerfuesbal, am gehëtzen Zelt op der Gemeengeplaz. De Kannerfuesbal gëtt vun der Maison relais Käerch organiséiert.

De ganze Weekend ass d'Entrée fräi, dofir si mir frou iech all kënnen häerzlech ze begrëssen.

 FR

Chers citoyens de la commune de Käerch,

Nous, l'association Stamminee Ronnen Dësch ASBL en collaboration avec la commune de Koerich, avons le plaisir de vous inviter chaleureusement au 1er FuesWeekend à Koerich.

Attendez-vous à un week-end plein de couleurs et de personnes déguisées dans la commune, qui se déroulera du 21 au 23 mars 2025.

Le vendredi soir, l'événement commencera sous le grand chapiteau chauffé sur la place de la commune, dès 17 heures, avec un Afterwork. Les DJ vous accueilleront pour un verre après le travail, suivi d'un bal jusqu'à minuit.

Après cela, vous pourrez continuer à faire la fête au Café Duerfkessel jusqu'à 3 heures.

Le samedi 22 mars 2025, il y aura la 1ère Cavalcade de Nuit, qui partira de Goeblange vers Koerich. Attendez-vous à une parade pleine de couleurs, de lumières et de musique. Le départ du premier groupe aura lieu à 18h20 à Goeblange, Rue de Goetzingen.

Avant cela, il y aura une course pour enfants, à laquelle chaque enfant est chaleureusement invité à participer sur le parcours de la cavalcade, organisée par la commission sportive de la commune de Koerich.


Profitez de ce moment unique du carnaval où nos associations locales seront présentes le long du parcours pour offrir nourriture et boissons.

Le week-end se clôturera dimanche par un bal pour enfants sous le chapiteau chauffé sur la place de la commune, organisé par la Maison relais de Koerich.

L'entrée est gratuite pendant tout le week-end, et nous sommes heureux de pouvoir vous y accueillir chaleureusement.

GRATIS ENTRÉE

ESTSKAVALKAD



EN

Dear fellow citizen of the commune Koerich,

The “Staminee Ronnen Dësch ASBL” in cooperation with the commune Koerich, is happy to invite you the 1st Carnival weekend in Koerich.

Look forward to a weekend full of colors and dressed up people from Friday to Sunday, 21st to 23rd March 2025.

The show will start on Friday evening in the big heated tent next to the commune as of 1700local. The DJ's will welcome you to an afterwork drink following a ball until midnight.

Thereafter you can have another drink in the Café Dorfkessel until 0300am.

The 1st cavalcade will start on Saturday, 22nd March from Goeblange to Koerich. There you can enjoy lots of colors, lights and music. The departure of the 1st group will start in the Rue de Goetzingen in Goeblange at around 1820cl.

Before that, a children's run will be organized where every child is more than welcome to participate. This run is at the exercise court of the cavalcade and is organized by the sports committee of Koerich.

Enjoy an unforgettable moment of the carnival where you get provided with food and drinks by the clubs & associations from the commune of Koerich.

The children's carnival party will be the closing of the parade and is held in the heated tent at the parking next to the commune. This is organized by the “Maison relais de Koerich”.

The entrance is free and we therefore hope to see you all around.

 **Staminee Ronnen Dësch ASBL**
info@staminee.lu

D'KÄERCHER GRÉIWESCHLASS, E FLOTTE SITE AM ZENTRUM VU KÄERCH

Och 2024 hunn d'Käercher Schlassfrënn, an Zesummenaarbecht an der finanzieller Ënnerstëtzung mam Kulturministère an der Käercher Gemeng e flotten an ofwiesslungsräiche Programm am Käercher Gréiweschlass ugebueden.

Héichpunkte waren natierlech de Beautiful Decay Festival an den Tempus Mediaevale.

Wéi an der Vergaangenheet gouf de Site och aneren Organisatiounen zur Verfügung gestallt fir hir kulturell Eventer an engem flotte Kader ofzehlen.



- 📷 KSF/ ATC / EME
- ✍️ Käercher Schlassfrënn asbl
- 📍 Käercher Gréiweschlass



PERIOD März-Oktober

21.-22.03

BOTZAKTIOUN KÄERCHER SCHLASS

*Och 2024 wore mir bei der Botzaktioun derbäi,
an hunn am Schlass an och ronderëm propper gemaach.*



30.05

CONCERT ALL TOGETHER

E Benefizconcert am Kader vum 15. Anniversaire wou d'Fondation EME e Projet lancéiert huet, deen Chouer aus de véier Ecker vu Lëtzebuerg zesummebruecht huet!

*Eng Manifestatioun vun der Fondation EME
mat der Ënnerstëtzung vun de Käercher Schlassfrënn.*



02.06

LES CONCERTS DE KOERICH – LE TRIO À CLAVIER

Les Concerts de Koerich mam Trio à clavier Nora Braun (Cello), Constantin Riccardi (Gei) an Ezgi Göktürk (Piano)

*Eng Manifestatioun vun de Käercher Schlassfrënn mat der
finanzieller Ënnerstëtzung vun der Gemeng Käerch
an dem Kulturministère.*



08.06

3. EDITIOUN VUN DER STRONGMAN COMPETITION

*Eng Manifestatioun vum Advanced Training Center
a Silverbacks asbl.*

KÄERCHER GRÉIWESCHLASS

PERIOD Mäerz-Oktober

14.06


A MIDSUMMER NIGHT'S DREAM

Theaterstéck vum William Shakespeare, opgefuert vum TNT Theatre Britain am Kader vun hierer Castle Tour 2024. Well déi 1. Opféierung mat iwwer 350 Spekateuren direkt ausverkaf wor gouf spontan eng wieder Opféierung den Dag duerno ageplangt, déi och direkt erëm ausverkaf wor.

Nieft den 2 Opféierungen am Käercher Gréiweschlass woren Sitten um Programm ewéi Balmoral Castle, Schlass Faber-Castell, Bergenhus Festening, Akershus Festening, Burg Hohenzollern, Schloss Mainau, Fuggerhaus Augsburg, Hohenschwangau a vill aner prestigiéis Sitten.

Eng Manifestatioun vun ADG Europe mat der Ënnerstëtzung vun de Käercher Schlassfrënn an dem Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg asbl.



-  Käercher Schlassfrënn asbl
-  Käercher Schlassfrënn asbl
-  Käercher Gréiweschlass



KÄERCHER GRÉIWESCHLASS

PERIOD Mäerz-Oktober

26.06

VOCAL JAZZ IN THE CASTLE

E Benefizconcert mat Luxembourg Jazz Voices
ënnert der Leedung vum Edith Van den Heuwel.

*Eng Manifestatioun vun AMEPLOS asbl mat
der Ënnerstëtzung vun de Käercher Schlassfrënn.*



28.06

PEAK

*Eng Manifestatioun vu PEAK an Zesummenaarbecht
mat de Organisateur vum Beautiful Decay Festival.*



29.06




CONCERT VU MARSAPPROCHE

Mat Mars Peiffer (Gesang a Gittar), Christophe Haunold
(Piano, Akkordeon), Romain Hartmann (Gittar), Claude
Pleimelding (Bass) an Alain Graf Perkussioun, (Batterie)

*Eng Manifestatioun vun de Käercher Schlassfrënn mat der
finanzieller Ënnerstëtzung vun der Gemeng Käerch an dem
Kulturministère*





-  Käercher Schlassfrënn asbl
-  Käercher Schlassfrënn asbl
-  Käercher Gréiweschlass





KÄERCHER GRÉIWESCHLASS

PERIOD Mäerz-Oktober

05-07.07

FESTIVAL BEAUTIFUL DECAY

*Eng Manifestatioun vun de Käercher Schlassfrënn
an Zesummenaarbecht mat Smith Lounge,
Ministère de la Culture an der Gemeng Käerch.*



Jeannot Weber, Jil Zago,
Gilles Kayser



Käercher Schlassfrënn asbl



Käercher Gréiweschlass

KÄERCHER GRÉIWESCHLASS

PERIOD Mäerz-Oktober

01.09

CONCERT VUN DER LËTZEBUERGER MILITÄRMUSEK

Ënnert der Leedung vum Leutnant Jean Thill

Eng Manifestatioun vun de Käercher Schlassfrënn mat der finanzieller Ënnerstëtzung vun der Gemeng Käerch an dem Kulturministère.

06-07.09

TEMPUS MEDIAEVALE

Eng Manifestatioun vun de Käercher Schlassfrënn

Nach emol en décke Merci un d'Käercher Gemeng, de Kulturministère, ons Sponsoren an déi vill Fräiwëlleg, ouni déi d'Realisatioun vun de sëllege Manifestatiounen net méiglech wier.



-
-  Käercher Schlassfrënn asbl
 -  Käercher Schlassfrënn asbl
 -  Käercher Gréiweschlass
-



KÄERCHER GRÉIWESCHLASS

PERIOD Mäerz-Oktober



13.09

JOURNEY TO THE WEST

Eng eemoleg Show am Kader vum Moundfest vum Fujian Peking Opera Theatre an dem Xiamen Hiongyanzhuang Inheritance Center of Puppetry and Shadow Play. D'Moundfest ass en traditionnelt Fest an Asien an no de Neijoersfeieren dat wichtegst Fest vum Joer.

Eng Manifestatioun vum Confucius Institute at the University of Luxembourg.



-
-  Käercher Schlassfrënn asbl
 -  Käercher Schlassfrënn asbl
 -  Käercher Gréiweschlass
-







KÄERCHER GRÉIWESCHLASS

PERIOD März-Oktober




25.10

HEXEN A LEGENDEN

Eng Manifestatioun vun der Stengeforter Chancegläichheetskommissioun mat der Bedeelegung vun de Gemenge Käerch a Stengefort an de Käercher Schlassfrënn.

Mat der Bedeelegung vun
der Käerjenger Musek,
der Diddelenger Kraiderfra,
de Schoule Cycle 1 Stengefort a Käerch,
dem Mirador,
der Zauberin Laluu
an dem Theater vum Anja Di Bartolomeo
mat der Regie vum Nicole Tomasina.



-  Käercher Schlassfrënn asbl
-  Käercher Schlassfrënn asbl
-  Käercher Gréiweschlass

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Juli - Dezember

13.07

SUMMER FEELING

LU

De Summer Feeling op der Gemengeplaz zu Käerch war e vollen Erfolg. Vum spéiden Nomëtte bis an d'Nuecht era gouf gefeiert a genoss. D'Visiteuren hunn sech un de Cocktaile vum Nico's Traktertreff erfrëscht, während d'Käercher Musek d'Buvette mat aner Gedrénks bedriwwen huet. De Grill vum Georges Kayser Altertumsfuerscher huet fir voll Tellere gesuergt, an déi musikalesch Ënnerhalung mat Live Musek vum Jon Meehans an engem DJ huet fir eng super Stëmmung gesuergt. Fir déi Kleng war de Facepainting an déi grouss Sandkëscht eng agreabel Ofwiesslung.

FR

Le Summer Feeling à Koerich a été un grand succès. De l'après-midi jusqu'à tard dans la nuit, la fête a battu son plein. Les visiteurs se sont rafraîchis avec les cocktails du Nico's Traktertreff, tandis que la Käercher Musek a géré la buvette. Le barbecue proposé par les Georges Kayser Altertumsfuerscher a régalé tout le monde, et l'animation musicale, avec Jon Meehans en live et un DJ, a mis une ambiance festive. Pour les plus jeunes, le maquillage et le grand bac à sable ont offert un moment de plaisir.

EN

The Summer Feeling event at Koerich's municipal square was a huge success. From late afternoon until midnight, the celebrations were in full swing. Visitors refreshed themselves with cocktails from Nico's Traktertreff, while Käercher Musek took care of the drinks. The barbecue by Georges Kayser Altertumsfuerscher was a hit, and the musical entertainment, with live music from Jon Meehans followed by a DJ, kept the energy high. For the little ones, face painting and a large sandpit provided fun and excitement.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch



Relations publiques



Relations publiques



Gemengeplaz









RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Juli - Dezember

15.09 MEET AND GREET

LU

De 15. September ass d'Gemengeplaz zu Käerch zu engem flotten Treff ginn. Vum Mëtte bis spéiden Nomëtten hunn d'Käercher Veräiner sech der Ëffentlechkeet virgestallt. Highlight vum Dag war e guidéierten Tour duerch d'Gemeng an engem oldschool Londoner Doppeldeckerbus, dee vu 14:00 bis 16:00 Auer duerch d'Gemeng gefuer ass. D'Visiteure konnten sech gratisum Gedrénks vun der Kommissioun vum Zesummeliewen erfrëschen an um Grill vum SteffenTraiteur zerwéieren. Fir d'Kanner war ee Sprangschlass opgeriicht, anden DJ Fritz huet fir déimusikalesch Ënnerhalung gesuergt.

FR

Le 15 septembre, la place communale de Koerich s'est transformée en un lieu de rencontre chaleureux. De midi à l'après-midi, les associations de Koerich se sont présentées au public. Le point culminant de la journée fut une visite guidée de la commune à bord d'un bus londonien à l'ancienne, organisée de 14h00 à 16h00. Les visiteurs ont pu profiter des grillades gratuites proposées par Steffen Traiteur ainsi que des boissons offertes par la Commission du Vivre Ensemble. Pour les enfants, un château gonflable a été installé, et DJ Fritz a assuré l'ambiance musicale.

EN

On September 15th, the municipal square of Koerich became a vibrant meeting point. From noon until late afternoon, Koerich's associations presented themselves to the public. The highlight of the day was a guided tour of the municipality on an old-school London double-decker bus, held from 2:00 PM to 4:00 PM. Visitors enjoyed free grilled food by Steffen Traiteur and drinks provided by the Commission of Living Together. For children, a bouncy castle was set up, and DJ Fritz kept the music playing throughout the event.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch mat der Kommissioun vum Zesummeliewen



Service relations publiques



Service relations publiques



Gemengeplaz

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Juli-Dezember

28.09

KÄERCH ROCKT

LU

Den 28. September huet d'Gemengeplaz zu Käerch gerockt! Mat engem fantastesche Line-up hunn d'Bänd Freshdax an d'Mental Coverband d'Plaz mat Live Musek gefëllt. Vun 19:00 Auer bis spët an den Owend era gouf gefeiert, a vill Leit hunn de Moment genoss. Fir de kulinarischen Deel huet de Stamminee Ronnen Dësch mat engem Grillstand gesuergt, an den Duerfkessel huet d'Gedrénks zerwéiert.

FR

Le 28 septembre, la place communale de Koerich a vibré au rythme du rock ! Avec une superbe programmation, les groupes Freshdax et Mental Coverband ont animé la soirée de 19h00 jusqu'à tard dans la nuit. Les visiteurs ont savouré de délicieuses grillades proposées par le Stamminee Ronnen Dësch, accompagnées de boissons servies par le Duerfkessel.

EN

On September 28th, the town square of Koerich rocked the night away! With an incredible line-up, the bands Freshdax and Mental Coverband kept the crowd entertained from 7:00 PM until late into the night. Attendees enjoyed a delicious barbecue by Stamminee Ronnen Dësch, paired with drinks served by Duerfkessel.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch



Service relations publiques



Gemengeplaz







RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Juli-Dezember

11.-15.10

T'ASS KIERMES AM DUERF

LU

D'Kiermes 2024 huet d'Gemeng mat hiren Awunner nees op d'Gemengeplaz gezunn. Knuppautoen, Karusseller a vill flott Stänn hu fir Spaass a Genoss bei Grouss a Kleng gesuert. D'Feierlechkeeten hu mat engem festlechen Optakt vun der Kärcher Musek ugefaangen.

FR

La Kermesse 2024 a rassemblé la commune et ses habitants sur la place communale. Autos tamponneuses, manèges et stands gourmands ont ravi petits et grands. Les festivités ont débuté par l'ouverture officielle de la « Kärcher Musek ».

EN


The 2024 Kiermes brought the municipality and its residents together at the town square. Bumper cars, carousels, and food stalls delighted visitors of all ages. Festivities kicked off with a lively opening by the "Kärcher Musek".



ORGANISATIOUN

Gemeng Kärch

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Gemengeplaz



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Juli - Dezember

13.10

NATIONALE GEDENKDAG

LU

Den 13. Oktober huet d'Gemeng zesumme mat hiren Awunner de Nationale Gedenkdag gefeiert. D'Zeremonie huet mat enger Mass ugefaangen, gefollegt vun enger Ried vum Buergermeeschter, an ofgeschloss mat dem néierleeë vun engem Blummekranz beim Monument.

FR


Le 13 octobre, la commune, avec ses habitants, a célébré la Journée de la Commémoration Nationale. La cérémonie a débuté par une messe, suivie d'un discours du Bourgmestre, et s'est terminée par un dépôt de fleurs au monument.


EN

On October 13, the municipality, together with its residents, celebrated National Commemoration Day. The ceremony began with a church service, followed by a speech from the Mayor, and concluded with a flower-laying at the memorial.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch

RÉCKBLÉCK

PERIOD Juli-Dezember

13.11

TIMBRE CORYCIANA

LU

Den 13. November 2024 gouf op der Gemeng de speziellen Timber, de Stempel an d'Enveloppe fir d'Coryciana virgestallt. Dësen Timber gouf offiziell de 12. November vun der POST erausbruecht. De speziellen Timber gouf duerch d'Riede vum Buergermeeschter, der Designerin vum Timber msdesign by myriamschmit, an dem Claude Balthasar vun der POST ageweit. Den Timber kann an alle POST-Büroen an online kaaft ginn.

FR


Le 13 novembre 2024, la commune a présenté le timbre, le tampon et l'enveloppe commémoratifs dédiés à la Coryciana. Ce timbre a été officiellement émis par la POST le 12 novembre. Le timbre commémoratif a été mis à l'honneur lors des discours du bourgmestre, de la créatrice du timbre msdesign by myriamschmit et de Claude Balthasar de la POST. Le timbre est disponible à l'achat dans les bureaux de la POST et en ligne.


EN


On November 13, 2024, the municipality presented the commemorative Coryciana stamp, seal and envelope. Officially issued by POST on November 12, the stamp was introduced with speeches by the Mayor, the designer of the stamp msdesign by myriamschmit, and Claude Balthasar from POST. The stamp is available for purchase at POST offices and online.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Gemengenhaus





500 Joer Coryciana

OP DER SICH NO DER ERKENNTNËSS, *d'Jugend an d'akademesch Rees vum Jang vu Käerch*

LU

De Jang vu Käerch, besser bekannt ënner sengem laténgeschen Numm Janus Corycius, gouf ëm 1457 zu Käerch gebuer, an enger Zäit, déi staark vun der europäescher Renaissance beaflosst war. Obwuel nëmme wéineg iwver seng Kandheet a Jugend bekannt ass, gëtt ugeholl, datt hien scho fréi vun den intellektuelle Stréimungen vun där Zäit gepräägt gouf. Seng akademesch Carrière huet hien un der Uni Heidelberg ugefaangen, ee vun de wichtegsten Zentere vum däitschen Humanismus, an enger Zäit vu grousem intellektuellen Austausch an Europa.


D'Entscheidung, zu Heidelberg ze studéieren – och wann d'Uni vun Tréier méi no geleeë war – weist dropp hin, datt hien bewusst gewielt huet, sech méi op d'Geeschteswëssenschafter ze konzentréieren. D'Uni Heidelberg hat eng laang Traditioun an der Ausbildung vu lëtzebuergesche Studenten, och wann hir Zuel virun 1479 e bëssen zrëckgaangen ass. Tëscht Oktober 1479 an September 1481 huet de Jang vu Käerch do ënner der Leitung vum bekannte Humanist Jakob Wimpheling studéiert, dem mir seng eenzeg Bildduerstellung verdanken. Während där Zäit huet hien zwee Bakkalaureate gemaach: eent am Juli 1481 an den Kënscht (Baccalaureus Artium) an eent an der Theologie. Fir hien war Heidelberg net nëmme eng akademesch Plaz, mä och eng entscheidend Etapp fir seng intellektuell Entwécklung.

Säi Studium zu Heidelberg huet him d'Méiglechkeet ginn, sech mat den Denker vun där Zäit ze vernetzen, ënner anerem mam Johannes Trithemius, dem Mentor vu bedeitende Figuren wéi Faust, Agrippa a Paracelsus. Dës Begéignunge hunn net nëmme

säi Wëssen an den humanistesche Wëssenschafter gefërdert, mä och säin Opstig an d'Kreesser vum europäeschen Humanismus erméiglecht. Seng akademesch Leeschtunge hu sech am Häerz vun dëser Beweegung verankert, déi sech iwver Däitschland, Italien a Flandern verbreet huet. De Jang vu Käerch gouf domat eng Schlëselfigur vum lëtzebuergeschen Humanismus, dee seng theologesch a kënschtlerech Ausbildung genotzt huet, fir an dem intellektuellen Ëmfeld vu Lëtzebuerg a Roum gläichermoossen unerkannt ze ginn.

No senger Zäit zu Heidelberg huet de Jang méiglecherweis seng Carrière am Recht weidergefouert, wat hien op eng akademesch Rees an Italien bruecht huet. Do huet hien seng Studien an de bedeitende Universitätsstied Padua an Bologna verdéift, déi deemools wichteg Zentere vun der juristescher an humanistescher Bildung waren. Dës sougenannten "peregrinatio academica" (akademesch Pilgerrees), war typesch fir déi Geléiert aus där Zäit a gouf him d'Chance, seng Fäegkeeten am kanoneschen a réimesche Recht ze perfektionéieren.

Hie koom schliisslech op Roum, wou hien als Dokter a béide Rechter (kanonesch a réimesch Recht) geschafft huet. Säi Ruff als aussergewöhnleche Geléierten huet him den Zougang zu den héchsten intellektuellen a kierchleche Kreesser erméiglecht, an hien ass Deel dervu ginn. Bekannt ënner dem Numm Janus Corycius an der Geléiertewelt, huet hien d'Idealer vum Renaissance-Humanismus mat den Ufërderunge vun der kierchlecher Jurisprudenz verbonnen a soumat als lëtzebuergeschen Humanist a Jurist eng dauerhafte Spuer op dese Gebidder hannerlooss.



The University of Bologna, which lays claim to being the first university in Europe.

(Unlike the University of Paris, another very early university, here the students rather than the teachers ran the school!)

D'Opnam vun de Studenten an déi däitsch Sektioun vun der Universitéit vu Bologna, d'„Natio Germanica Bononiae“, am 15. Joerhonnert.

Incorporation des étudiants dans la section allemande de l'université de Bologne, la „Natio Germanica Bononiae“, 15^e siècle

Aufnahme in die „Natio Germanica Bononiae“, die deutsche Nation an der Universität Bologna, Darstellung aus dem 15. Jahrhundert

Students enter the „Natio Germanica Bononiae“, the german nation at the university of Bologna, illustration from the 15th century.

À LA RECHERCHE DE LA CONNAISSANCE, *la jeunesse et le voyage académique de Jean de Koerich*

FR

Jean de Koerich, mieux connu sous son nom latin Janus Corycius, est né vers 1457 à Koerich, à une période fortement marquée par la Renaissance européenne. Bien que peu d'éléments soient connus concernant son enfance et sa jeunesse, on admet qu'il fut influencé dès son plus jeune âge par les courants intellectuels de son époque. Sa carrière académique débuta à l'Université de Heidelberg, l'un des principaux centres de l'humanisme allemand, à une époque où l'Europe était en plein essor intellectuel.

Le choix de Heidelberg comme lieu d'études – alors que l'université de Trier ait été plus proche – témoigne de sa volonté délibérée d'approfondir les sciences humaines. Heidelberg avait une longue tradition dans la formation des étudiants luxembourgeois, même si le nombre de ces derniers avait légèrement diminué avant 1479. Entre octobre 1479 et septembre 1481, Jean de Koerich y étudia sous l'égide du célèbre humaniste Jakob Wimpheling, à qui l'on doit sa seule représentation graphique. Pendant cette période, il obtint deux baccalauréats : l'un en arts (Baccalaureus Artium) en juillet 1481 et l'autre en théologie. Heidelberg fut pour lui non seulement un lieu d'études mais aussi une étape cruciale dans sa formation intellectuelle.

Ses années d'études à Heidelberg lui offrirent l'opportunité de nouer des liens avec des penseurs influents de son temps, tels que Johannes Trithemius, le mentor de figures emblématiques comme Faust, Agrippa et Paracelse. Ces rencontres lui permirent d'approfondir ses connaissances dans les disciplines humanistes et facilitèrent son ascension dans les cercles

de l'humanisme de la Renaissance. Ses succès académiques le placèrent au centre de ce mouvement, qui s'étendait alors à l'Allemagne, à l'Italie et aux Pays-Bas. Jean de Koerich devint ainsi une figure clé de l'humanisme luxembourgeois, mettant à profit sa formation théologique et artistique pour obtenir une reconnaissance dans les cercles intellectuels de Luxembourg et de Rome.

Après son passage à Heidelberg, Jean poursuivit vraisemblablement une carrière dans le domaine du droit, ce qui le conduisit à entreprendre un voyage académique en Italie. Il approfondit alors ses études dans des villes universitaires prestigieuses telles que Padoue et Bologne, qui étaient à l'époque des centres majeurs d'enseignement juridique et humaniste. Ce type de voyage, connu sous le nom de "peregrinatio academica" (pèlerinage académique), était courant chez les érudits de l'époque et lui permit d'acquérir une maîtrise approfondie du droit canonique et romain.

Il s'établit finalement à Rome en tant que Docteur en droit canonique et romain. Sa renommée de savant exceptionnel le propulsa au sein du noyau intime des érudits pontificaux, lui conférant une influence notable dans les cercles intellectuels et ecclésiastiques les plus élevés. Connu sous le nom de Janus Corycius dans le monde académique, il sut allier les idéaux de l'humanisme de la Renaissance aux exigences de la jurisprudence ecclésiastique, laissant ainsi une empreinte durable en tant qu'humaniste et juriste luxembourgeois dans ces domaines.

AUF DEN SPUREN DER ERKENNTNIS, die Jugend und die akademische Reise des Johann von Koerich

DE

Johann von Koerich, besser bekannt unter seinem lateinischen Namen Janus Corycius, wurde um 1457 in Koerich geboren und wuchs in einer Zeit auf, die stark von der europäischen Renaissance geprägt war. Über seine Kindheit und Jugend ist nur wenig bekannt, doch man kann erahnen, dass die intellektuellen Strömungen seiner Zeit ihn bereits in jungen Jahren begeisterten. Seine akademische Laufbahn begann an der Universität Heidelberg, einem der bedeutendsten Zentren des deutschen Humanismus, in einer Ära, die von einem intensiven intellektuellen Austausch in Europa geprägt war.

Die Wahl Heidelbergs als Studienort – obwohl Trier war – deutet darauf hin, dass er gezielt die Geisteswissenschaften vertiefen wollte. Heidelberg hatte eine lange Tradition in der Ausbildung luxemburgischer Studenten, auch wenn die Zahl in den Jahren vor 1479 etwas abgenommen hatte. Zwischen Oktober 1479 und September 1481 studierte er dort als Johann von Koerich unter dem bedeutenden Humanisten Jakob Wimpheling, dem wir seine einzige Bilddarstellung verdanken. Während dieser Zeit erwarb er zwei Bakkalaureate, eines im Juli 1481 in den Künsten (Baccalaureus Artium) und eines in der Theologie. Heidelberg war nicht nur ein akademischer Ort für ihn, sondern eine entscheidende Station seiner intellektuellen Formung.

Seine Studienjahre in Heidelberg boten ihm die Möglichkeit, sich mit den führenden Denkern seiner Zeit zu vernetzen, darunter Johannes Trithemius, der Mentor von Größen wie Faust, Agrippa und Paracelsus. Diese Kontakte förderten nicht nur sein Wissen in den humanistischen Disziplinen,

sondern auch seinen Aufstieg in die Kreise des europäischen Renaissance-Humanismus. Seine akademischen Leistungen brachten ihn in das Zentrum dieser Bewegung, die sich über Deutschland, Italien und die Niederlande erstreckte. Johann von Koerich wurde folglich zu einer Schlüsselgestalt des luxemburgischen Humanismus, der seine theologische und künstlerische Ausbildung nutzte, um in den intellektuellen Kreisen Luxemburgs und Roms gleichermaßen Anerkennung zu finden.

Nach seiner Zeit in Heidelberg setzte er seine Laufbahn vermutlich in der Rechtswissenschaft fort, was ihn auf eine akademische Reise führte, die ihn nach Italien brachte. Dort vertiefte er seine Studien in den bedeutenden Universitätsstädten Padua und Bologna, die zu dieser Zeit Zentren juristischer und humanistischer Bildung waren. Diese „peregrinatio academica“, wie solche Bildungs»pilgerfahrten« genannt wurden, war typisch für die Gelehrten seiner Epoche und bot ihm die Gelegenheit, seine Kenntnisse im kanonischen und römischen Recht zu vervollkommen.

Er ließ sich schließlich in Rom nieder, wo er als Doktor beider Rechte (kanonisches und römisches Recht) tätig war. Sein Ruf als herausragender Gelehrter führte ihn in den inneren Kreis der päpstlichen Gelehrten, wo er in den höchsten intellektuellen und kirchlichen Kreisen Einfluss erlangte. Janus Corycius, wie er in der Gelehrtenwelt genannt wurde, vereinte damit die Ideale des Renaissance-Humanismus mit den Anforderungen der kirchlichen Rechtsprechung und hinterließ als luxemburgischer Humanist und Jurist bleibende Spuren auf diesen Gebieten.

~~~~~  
Haff vun der Universiteit vu Padua (Padova) an  
Italien am 17. Joerhonnert. Anonym Gravur aus  
dem 17. Joerhonnert.

Cour de l'université de Padoue (Padova) en Italie  
au XVII<sup>e</sup> siècle. Gravure anonyme du XVII<sup>e</sup> siècle.

Hof der Universität von Padua (Padova) in Italien  
im 17. Jahrhundert. Anonyme Gravur aus dem 17.  
Jahrhundert»

Courtyard of the University of Padua (Padova) in  
Italy in the 17th century. Anonymous engraving  
from the 17th century.



## IN QUEST OF KNOWLEDGE, the Youth and Academic Journey of John from Koerich

EN

John from Koerich, better known by his Latin name Janus Corycius, was born around 1457 in Koerich during a time deeply influenced by the European Renaissance. Although little is known about his childhood and early years, it is presumed that he was shaped from a young age by the intellectual currents of his era. His academic career began at the University of Heidelberg, one of the foremost centers of German humanism, at a time when Europe was experiencing intense intellectual exchange.

The decision to study in Heidelberg—despite the closer proximity of Trier—suggests a deliberate choice to pursue studies in the humanities. Heidelberg had long been a favored institution for Luxembourgish students, even though enrollment had declined somewhat in the years leading up to 1479. Between October 1479 and September 1481, John from Koerich studied there under the tutelage of the renowned humanist Jakob Wimpheling, to whom we owe his only depiction. During this period, he earned two bachelor's degrees, one in the arts (*Baccalaureus Artium*) in July 1481 and one in theology. Heidelberg was not only an academic hub for John but a formative chapter in his intellectual development.

His time in Heidelberg provided him the opportunity to connect with some of the leading thinkers of his time, including Johannes Trithemius, the mentor of figures such as Faust, Agrippa, and Paracelsus. These encounters not only deepened his knowledge in the humanist disciplines but also helped him rise within the circles of European Renaissance humanism. His academic achievements placed him at the heart of this movement,

which spanned Germany, Italy, and the Netherlands. Consequently, John from Koerich became a pivotal figure in Luxembourgish humanism, using his theological and artistic education to gain recognition in the intellectual spheres of both Luxembourg and Rome.

After his years in Heidelberg, John likely pursued a path in law, embarking on an academic journey that took him to Italy. There, he continued his studies in the prominent university cities of Padua and Bologna, both major centers of legal and humanistic learning at the time. This “*peregrinatio academica*,” or academic «pilgrimage», was common among scholars of his era and provided him the opportunity to refine his expertise in canon and Roman law.

Finally, John from Koerich settled in Rome, where he practiced as a Doctor of Both Laws (canon and Roman law). His reputation as an outstanding academic earned him a place within the inner circle of papal intellectuals, granting him influence in the highest intellectual and ecclesiastical circles. Known as Janus Corycius in the erudite world, he embodied the ideals of Renaissance humanism while meeting the demands of ecclesiastical jurisprudence, leaving a lasting legacy as a Luxembourgish humanist and jurist in these areas.





*Dag vum Bam*  
2024  
Kanner vum Joer 2023  
GEMENG  
KÄERCH

# RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

**PERIOD** Juli-Dezember

**16.11**

**DAG**

**VUM BAM**

**LU**

Am Kader vum Dag vum Bam 2024 huet d'Gemeng Käerch hir Bierger agelueden, zesummen e Bam fir d'Kanner ze planzen, déi am Joer 2023 gebuer sinn. Dës symbolesch Zeremonie, bei där all Kand e klengt Udenke krut, gouf ofgeschloss mat engem Éierewäin an engem klenge Maufel am Pompjeesbau.

**FR**


Dans le cadre de la Journée de l'Arbre 2024, la commune de Koerich a invité ses habitants à planter un arbre en l'honneur des enfants nés en 2023. Cette cérémonie symbolique, où chaque enfant a reçu un petit souvenir, s'est conclue par un vin d'honneur et une collation au centre d'intervention.


**EN**

As part of the 2024 Tree Day, the municipality of Koerich invited residents to plant a tree in honor of children born in 2023. This symbolic ceremony, where each child received a small keepsake, concluded with refreshments and food at the fire station.

## ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch mat der Ëmweltkommissioun

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch



## RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

**PERIOD** Juli - Dezember

**29.11- 01.12**

# NIKLOSMART AM GRÉIWESCHLASS

**LU**

Den Niklosmaart am Gréiweschlass huet Grouss a Kleng mat senger festlecher Atmosphär ugezunn. Vum 29. November bis den 1. Dezember konnte Gäscht an 22 Chaleten kulinarisch Spezialitéiten an handwierklech Konscht entdecken. D'Kanner ware begeeschtert vum Facepainting, kreative Chrëschtdekoen an natierlech vum Kleeschen an der Kutsch, deen Titercher verdeelt huet. D'Jummdeckelcher (Jugendensembl vun der Käercher Musek), d'Käercher Musek, de Kanner aus der Museksschoul Käerch an Saxitude hu fir eng festlech Stëmmung gesuergt. E grousser Merci geet och un d'Hobbykënschtler and'Veräiner, déi mat hirem Engagement ee flotte Weekend gestallt hunn. De Startschoss vum Télévie Zenter Käerch den 29. November huet fir eng feierlech Ouverture gesuergt.

**FR**

Le Niklosmaart au Château Gréiweschlass a attiré petits et grands dans une ambiance festive. Du 29 novembre au 1er décembre, les visiteurs ont pu découvrir une belle sélection de délices culinaires et de créations artisanales à travers 22 chalets. Les enfants ont adoré le maquillage, les décorations de Noël réalisées par les élèves, ainsi que la visite du Saint Nicolas en calèche distribuant des friandises. Les « Jummdeckelcher » (l'ensemble de jeunes musiciens de la « Käercher Musek »), la « Käercher Musek », les enfants de l'école de musique de Koerich et Saxitude ont apporté une ambiance musicale et festive. Un grand merci également aux artistes passionnés et aux associations qui, grâce à leur engagement, ont contribué à un week-end formidable. L'inauguration du Télévie Koerich le 29 novembre a marqué un moment spécial dans les festivités.

**EN**

The Niklosmaart at the Castle Gréiweschlass welcomed visitors of all ages into a lively, festive atmosphere. From November 29 to December 1, guests explored a variety of culinary delights and artisan creations across 22 stalls. Children enjoyed face painting, student-made Christmas decorations, and a memorable visit from St. Nicholas in his carriage, handing out treats. The Jummdeckelcher (youth ensemble of the Käercher Musek), the Käercher Musek, the children from the Koerich music school and Saxitude created a vibrant and festive atmosphere. A heartfelt thank you also goes to the passionate artists and associations, whose dedication helped create a fantastic weekend. The Télévie Koerich launch on November 29 added a special touch to the celebration.










## ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Gréiweschlass Käerch







# JUGENDHAUS KÄERCH

**PERIOD** Juli-Dezember

## ENGAGEMENT MAT DE KOMMISSIOUNE VUN DER GEMENG KÄERCH

D'Jugendhaus ass och aktiv an der Participatioun un diversen Evenementer, déi vun der Gemeng organiséiert ginn an déi duerch verschidde Kommissiounen aus der Gemeng initiéiert ginn.

D'Jugendkommissioun erméiglecht een Austausch mat de Memberen, fir eis Aarbecht ze erklären a gemeinsam Projeten z'entwéckelen.

Zousätzlech, an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vum Zesummeliwwen hu mir um Evenement «Meet & Greet» deelgeholl, deem et erméiglecht huet, all d'Associatiounen vun der Gemeng de Bierger ze presentéieren.

Mir schaffen och mat der Kommissioun vum 3. Alter, wou Jugendlecher aktiv mathëllefen, bei verschidden Evenementer wéi dem Summerfest an dem Oktoberfest ze ënnerstëtzen. Dës intergenerational Interaktioun ass bereichend fir béid, d'Jonker an d'Senioren, a fërdert de Respekt an d'Géigensäitegt Verständnis. Zousätzlech hu mir och un dem Pétanque-Turnéier deelgeholl, dee vum Seniorentreff organiséiert gouf, an esou wäertvoll sozial Verbindunge geschaf huet.

Dës Zesummenaarbechte bereichern eis Servicer an erméiglechen et, een zolidd Netz ronderëm d'Jonker vu Käerch ze kreéieren. Andeems mir eis Kraaften mat lokalen Aktiounen vereenegen, droe mir zu engem Ëmfeld bäi, wou d'Jonker kënnen opléien, sech op d'Zukunft virbereeden an aktiv engagéiert Bierger ginn. D'Jugendhaus zu Käerch ass stolz op dës Zesummenaarbechten, déi eis Missioun stäerken an d'Entwécklung vun all Jonken an eiser Gemeinschaft ënnerstëtzen.



### Contact

Pinto Caty  
621 823 171  
caty.pinto@croix-rouge.lu

### Adresse

7, rue de l'École L-8358 Goeblange



  Jugendhaus Käerch





## KOLLABORATIONEN MAM JUGENDHAUS KÄERCH

Am Kader vun eiser Missioun, déi jonk Leit tëscht 12 a 26 Joer ze begleeden, engagéiert d'Jugendhaus Käerch sech aktiv an der Zesummenaarbecht mat verschiddene Partneren an eiser Gemeng. Dës Zesummenaarbecht ass wichteg fir d'Aarbecht am Netz ze verbesseren an d'aktiv Participatioun vun de Jonken an hir perséinlech a sozial Entwécklung ze fördern.

## ZESUMMENARBECHT MAT YOUTH & WORK

Youth & Work spillt eng wichteg Roll, andeems et de Jonken Ënnerstëtzung an der beruflecher Orientéierung ubitt. Dank dëser Zesummenaarbecht kënne mir de Jonken, déi Hëllef sichen, zu dësem Partner weiderleeden, deen individuell Coaching a Berodung zur Aarbechtsplaz an/oder Léierplaz ubitt. Zousätzlech benotzt Youth & Work d'Installatioune vum Jugendhaus, fir d'Jonk ze empfaangen, an esou en zougänglecht a frëndlecht Ëmfeld ze schafen. Zesummen organiséiere mir och Workshops, déi de Jonken hëlleft, sech op Virstellungsgesprécher virzubereeden, wat hiren Selbstbewosstsinn an hir Employabilitéit stärkt.

## ZESUMMENARBECHT MAT DER MAISON RELAIS

D'Maison Relais zu Käerch ass en anere wichtege Partner. Duerch eng enk Zesummenaarbecht mat de Klasse vum Cycle 4 erliichteren mir d'Transitioun tëscht dem Kanner- an dem Jugendalter. All Mount besichen d'Kanner, déi an der Maison ageschriwwe sinn, d'Jugendhaus fir un enger Kachaktivitéit deelzehuelen, gefollegt vu fräiem Spill. Dëst Treffen fördert d'Verbannung tëscht de Generatiounen an erméiglecht et de Jonken, de Kader vum Jugendhaus an engem spillerësch, pädagogeschen a frëndlechen Ëmfeld z'entdecken. Aner Aktivitéite kënnen och zesummen organiséiert ginn.

### Öffnungszeiten

|             |                |
|-------------|----------------|
| Méindes     | Zou            |
| Dënschden   | 14 bis 19 Auer |
| Mëttnoch    | 15 bis 20 Auer |
| Donneschden | 14 bis 19 Auer |
| Freiden     | 16 bis 22 Auer |
| Samschden   | 14 bis 18 Auer |
| Sonnden     | Zou            |

Öffnungszeiten kënnen variéieren jee no Aktivitéit an bei Ufro kënnen och Einzelgesprécher virun oder no den Öffnungszeiten ugefrot ginn.


# AKTIOUN PÄIPERLEK 2025

GRATISPAKET MIT SCHMETTERLINGSSTAUDEN  
FÜR IHREN GARTEN!



Im Rahmen der **Aktioun Päiperlek** hat SICONA sechs Stauden aus biologischem Anbau ausgewählt, die einen besonderen Wert als Nektarpflanzen für Schmetterlinge und andere Insekten haben. Sie können diese Pflanzen **ab dem 1. April 2025** als gratis Staudenpaket auf [www.sicona.lu](http://www.sicona.lu) reservieren. Achtung: die Staudenpakete sind begrenzt - **first come, first served!** Die Verteilung erfolgt Anfang Mai von **17:00 Uhr bis 19:00 Uhr** an folgenden Standorten:

- **06.05.2025:** Schiffingen, Parkplatz Hall Polyvalent, 1A, Chemin de Bergem
- **06.05.2025:** Bissen, Parkplatz Hall Frounert, 10, rue de la Laiterie
- **06.05.2025:** Olm, Festsaal, 10, rue de Capellen
- **07. & 08.05.2025, 8:00 – 12:00 Uhr und 13:00 – 16:30 Uhr** im Bürogebäude von SICONA in Olm.



DIESES BEET KÖNNTE EINEN PLATZ  
IN IHREM GARTEN FINDEN!

**ACHTUNG:** Dieses Angebot richtet sich nur an die Bewohner der **SICONA-Mitgliedsgemeinden**. Bei Restbeständen können auch Bewohner aus Nichtmitgliedsgemeinden das Paket gegen Bezahlung erhalten.



## SICONA

**PERIOD** Juli - Dezember

# 10.07 PROJET NATUR GENÉISSEN

### LU

Zanter Ufank 2023 ass d'Gemeng Koerich beim Projet „Natur genéissen“ dobäi. An Zesummenaarbecht mat der Croix-Rouge an Dussmann setzt d'Gemeng sech fir eng gesond Ernährung an, mat Fokus op regional, saisonal an nohalteg Liewensmëttel. Sou gëtt de Kanner eng equilibréiert Ernährung garantéiert.

### FR

Depuis début 2023, la commune de Koerich participe au projet « Natur genéissen ». En collaboration avec la Croix-Rouge et Dussmann, l'engagement porte sur une alimentation saine en privilégiant des produits régionaux, saisonniers et durables, garantissant ainsi une nutrition équilibrée aux enfants.

### EN

Since early 2023, the municipality of Koerich has joined the «Natur genéissen» project. In partnership with Croix-Rouge and Dussmann, it promotes healthy eating by prioritizing regional, seasonal, and sustainable products, ensuring a balanced diet for children.

### Contact

SICONA – Syndicat intercommunal  
de conservation de la nature  
12, rue de Capellen  
L-8393 OLM  
Tel: 26 30 36 25  
E-mail: [administration@sicona.lu](mailto:administration@sicona.lu)



Service Relations publiques



Käerch

# SNHBM

## Bezuelbar an nohalteg Wunnen !

De beschte Kompromëss tëschent Qualitéit a Präis

### Appartements

de 80 à 110 m<sup>2</sup> – de 2 à 3 chambres

**à partir de 421.142 €**

### Maisons unifamiliales

de 125 à 210 m<sup>2</sup> – de 3 à 4 chambres

**à partir de 630.174 €**



Olm ELMEN

**Gitt Propriétaire vun  
ärer neier Wunneng**



[snhbm.lu](https://snhbm.lu)

Giewel - 7 Rue de l'École  
Samschdes - 14h35 - 15h35



# BICHERBUS 2025

11. Januar / 01. & 22. Februar / 15. Mäerz  
05. & 26. Abrëll / 17. Mee / 07. & 28. Juni / 19. Juli



*Eng Organisatioun vun der Nationalbibliothék  
wou Dir gratis Bicher geléint kritt.*

# cityapp



*Lued d'cityapp Käerch gratis erof  
a bleift ëmmer um Lafenden  
iwwer d'Aktualitéiten an Evenementer  
an Ärer Gemeng.*

## **News**

*Behaalt d'Aktualitéiten  
vun Ärer Gemeng am An.*

## **E-Reider**

*Fannt d'Publicatiounen vun Ärer Gemeng.*

## **Report-it**

*E Problem an Ärer Gemeng?  
Mellt et de Gemengeresponsabelen.*

## **Annuaire**

*Fannt d'Kontaktdaten vun Ärer Gemeng.*

## **Agenda**

*Verpasst keen Evenement méi.*

## **Déchets**

*Vergiesst ni méi d'Dreckschést  
erauszestellen.*

## **Sondages**

*Sot Är Meenung zu verschiddenen  
Themen déi lech interesséieren.*

## **Mes notifications**

*Kritt all déi wichteg Informatiounen  
direkt op Äre Smartphone.*



## **Dir hut eis App nach net installeiert?**

*Dat kennt dir nach emmer no huelen an deems dir se iwwert den  
App Store oder Play Store eroflued fir emmer um neiesten Stand  
ze bleiwen.*



Les mois d'automne et d'hiver sont plus propices à des cambriolages en raison de la tombée avancée de la nuit et de la visibilité plus réduite. Dans ce contexte, la Police tient à rappeler qu'une bonne sécurisation mécanique de la maison, un système d'alarme, mais aussi la vigilance individuelle diminuent considérablement le risque d'être victime d'un cambriolage.

### CONSEILS ET COMPORTEMENT PRÉVENTIF

Adoptez les bons réflexes :

- Fermez systématiquement à clé vos portes extérieures, vos fenêtres et porte du garage, même en cas de courte absence.
- Activez toujours votre système d'alarme, même lors d'une courte absence.
- Éclairez votre domicile en fin de journée à l'aide d'une minuterie automatique.
- Informez vos voisins si vous êtes absents pendant une période plus longue.
- Signalez à la Police toute personne ou voiture suspecte.



### SAVIEZ-VOUS QUE...?

En moyenne, la durée d'un cambriolage ne dépasse pas 5 à 10 minutes (effraction et fouille de l'habitation). Les cambriolages peuvent aussi bien avoir lieu durant la journée que pendant la nuit.

En principe, un cambrioleur ne cherche pas la confrontation avec l'habitant et fuit lorsqu'il remarque que celui-ci l'a aperçu. Néanmoins, si l'habitant constate qu'un cambriolage est en cours, il est déconseillé d'affronter le cambrioleur de manière directe. Alertez plutôt la Police et signalez au cambrioleur qu'il n'est pas passé inaperçu, par exemple en faisant du bruit, en criant ou en allumant l'éclairage.





### QUE FAIRE...?

Si vous avez été victime d'un cambriolage, contactez immédiatement la Police au numéro d'appel d'urgence 113 et attendez l'arrivée des agents. Ne touchez à rien, ne jetez, ne rangez et ne nettoyez rien sur le lieu du crime afin de ne pas détruire des traces qui peuvent être importantes lors de l'enquête.

Pour plus d'**informations** et de **conseils**, renseignez-vous gratuitement  
auprès du service de prévention de la Police :

#### SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ

 (+352) 244 24 40 33

 [prevention@police.etat.lu](mailto:prevention@police.etat.lu)

# NUMÉROS & INFORMATIONS UTILES

## SICA RECYCLING-PARK

28, Zone Industrielle  
L-8287 Kehlen  
☎ 30 78 38-1 (! enlèvement déchets encom.  
3 jrs en avance)  
[info@sica.lu](mailto:info@sica.lu)  
Heures d'ouverture  
Du lundi au vendredi  
08:00 - 12:00 et 13:00 - 18:00  
Samedi: 8:00 - 15:30

## OFFICE SOCIAL REGIONAL

11, rue de Kleinbettingen  
L-8436 Steinfort  
☎ 28 22 75 - 1  
[social@osrsteinfort.lu](mailto:social@osrsteinfort.lu)

## SERVICE D'INCENDIE

C.G.D.I.S - Corps Grand-Ducal  
Incendie & Secours  
En cas d'urgence: 112  
☎ 4977- 11  
[info@112.public.lu](mailto:info@112.public.lu)

## SAPEURS POMPIERS KOERICH

[info@ciskoerich.lu](mailto:info@ciskoerich.lu)  
Chef du corps: Pit MECKEL  
[pit.meckel@ciskoerich.lu](mailto:pit.meckel@ciskoerich.lu)

## SYNDICAT DE CHASSE

Juegdlose/Lot de chasse: 401; 402; 429  
Catherine Cloos  
☎ 691 344 544  
[weydert.cloos@gmail.com](mailto:weydert.cloos@gmail.com)  
Juegdlose/Lot de chasse: 403; 430; 431  
Léon Mathieu  
[hathile@pt.lu](mailto:hathile@pt.lu)

## PAR ÄISCHDALL

Presbytère  
4, route de Luxembourg  
L-8440 Steinfort  
☎ /répondeur: 39 00 58  
[www.aischdall.cathol.lu](http://www.aischdall.cathol.lu)  
[aischdall@cathol.lu](mailto:aischdall@cathol.lu)  
Couvent Clairefontaine  
☎ +32 63 24 01 99  
Pater TURMES Nico (curé modérateur)  
☎ +32 63 24 01 99

## HOPITAL INTERCOMMUNAL STEINFORT

☎ 399 491-1

## REPAS SUR ROUES

☎ 399 491-1  
[repas-sur-roues@his.lu](mailto:repas-sur-roues@his.lu)

## SECHER DOHEEM

Service Téléalarme  
☎ 26 32 66  
[secherdoheem@shd.lu](mailto:secherdoheem@shd.lu)

## PHARMACIES

Capellen  
Heures d'ouverture  
Du lundi au vendredi  
8:30-18:30  
Kehlen  
Heures d'ouverture  
Du lundi au vendredi  
8:30-12:15 & 13:45-18:00  
Samedi: 8:30-12:00  
Steinfort  
Heures d'ouverture  
Du lundi au vendredi  
8:00-12:00 & 13:30-18:30

## BUREAUX DE POSTE

☎ 8002-8004  
Steinfort  
Heures d'ouverture  
Du lundi au vendredi  
8:00-12:00 & 13:30-17:00  
☎ 399 211 21  
Capellen  
Heures d'ouverture  
Du lundi au vendredi  
8:00-18:00  
☎ 30 00 57 21

## CREOS

Dépannage & Urgence  
24h/24-7j/7  
Electricité: ☎ 8002-9900  
Gaz naturel: ☎ 8007-3001  
Infoline 07h00-17h00  
☎ 2624-2624  
[info@creos.net](mailto:info@creos.net)

## POLICE LÉTZEBUERG

En cas d'urgence: 113  
Commissariat Capellen / Steinfort  
21A, rte d'Arlon  
L-8310 Capellen  
Tél. : 244 30 1000  
[police.capellensteinfort@police.etat.lu](mailto:police.capellensteinfort@police.etat.lu)

## CID & PASSEPORT - RENOUELEMENT

Carte d'identité  
>= 15 ans: 14€  
>= 4 < 15 ans: 10€  
>= 2 < 4 ans: 5€  
Bénéficiaire: TS-CE CTIE  
LU44 1111 7028 7715 0000 (CCPL)  
Passeport  
>= 4 ans: 50€ / < 4 ans: 30€  
Bénéficiaire: Bureau des Passeports  
LU46 1111 1298 0014 0000 (CCPL)

## PROXIBUS

Du lundi au vendredi  
7:00 - 19:00  
Samedi: 9:00 - 19:00  
Réservation  
☎ 8002 72 00 (nr gratuit)

## NIGHTRIDER

Le vendredi et le samedi:  
18:00 - 05:00  
Réservation jusqu'à 60 minutes avant  
l'heure de départ avec une Night Card  
valable, une carte de crédit ou Digicash  
sur [www.nightrider.lu](http://www.nightrider.lu)  
Renseignements  
[help@nightrider.lu](mailto:help@nightrider.lu)  
☎ 900 71 010

## IMPRESSUM


Editeur  
Schäfferot

Design  
Service Relations Publiques

Drock  
Imprimerie Heintz



# AGENDA JANUAR-ABRËLL 2025

| WÉINI | WAT                                                                                               | WOU                        | ORGANISATIOUN                     |
|-------|---------------------------------------------------------------------------------------------------|----------------------------|-----------------------------------|
| 08.1  | Treff                                                                                             | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 17.1  |  Après Ski Party | Gemengeparking             | Comité Télévie Käerch             |
| 22.1  | Treff                                                                                             | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 22.1  | Generalversammlung                                                                                | Remigiussall Käerch        | Fraen a Mammen                    |
| 25.1  | Jump the castle                                                                                   | Sportshal Käerch           | Gemeng Käerch                     |
| 05.2  | Bingo                                                                                             | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 07.2  | Fuesparty                                                                                         | Duerfkessel                | FC Käerch                         |
| 08.2  | Spillnomëtt                                                                                       | Festsall Käerch            | Sportskommissioun                 |
| 19.2  | Treff                                                                                             | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 23.2  | Generalversammlung                                                                                | Nospelt                    | Georges Kayser Altertumsfuerscher |
| 23.2  | Kaffisstuff am Kader vum Télévie                                                                  | Remigiussall Käerch        | Fraen a Mammen                    |
| 27.2  |  Afterwork       | Festsall Käerch            | Comité Télévie Käerch             |
| 05.3  | Treff                                                                                             | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 06.3  | Workshop                                                                                          | Festsall Käerch            | Kommissioun vum 3.Alter           |
| 08.3  | Weltfraendag                                                                                      | Gemengenhaus               | Kommissioun vum Zesummeliewen     |
| 09.3  | Buegbbrennen                                                                                      | Giewel                     | Pompjeeën Giewel                  |
| 15.3  | Auditioun                                                                                         | Sportshal Käerch           | Gemeng & Ugda                     |
| 19.3  | Generalversammlung                                                                                | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 22.3  | Nuetskavalkad                                                                                     | Käerch                     | Staminee Ronnen Dësch             |
| 23.3  | Kanner Fuesbal                                                                                    | Festsall Käerch            | Maison Relais                     |
| 27.3  |  Afterwork     | Festsall Käerch            | Comité Télévie Käerch             |
| 26.3  | Generalversammlung                                                                                | Pavillon vum Gréiweschlass | Käercher Schlassfrënn             |
| 29.3  | Grouss Botz                                                                                       | Käerch                     | Ëmweltkommissioun                 |
| 30.3  | Fir den Télévie duerch d'Welt                                                                     | Festsall Käerch            | Kommissioun vum Zesummeliewen     |
| 02.4  | Treff                                                                                             | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 04.4  |  Promi Dinner  | Festsall Käerch            | Comité Télévie Käerch             |
| 12.4  | Gala Concert                                                                                      | Sportshal Käerch           | Käercher Musek                    |
| 16.4  | Ouschterfeier                                                                                     | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |
| 26.4  | Téléviedag                                                                                        | Schoul Campus Käerch       | Comité Télévie Käerch             |
| 30.4  | Treff                                                                                             | Festsall Käerch            | Senioren Treff                    |

